

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Februar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der RTL-Emissioun *Invité vun der Redaktioun* vum 27.1.2020 war vum Här Energieminister Claude Turmes ze héieren, datt d'Hausse vun den Accisen um Bensin an Diesel tëscht Februar an Abrëll virgesinn ass. Den Här Energieminister Claude Turmes sot op där Platz, datt prinzipiell decidéiert wier, datt de Bensin ëm 1 bis 3 Cent de Liter an den Diesel ëm 3 bis 5 Cent de Liter soll méi deier ginn.

Zil wär et, manner Camionen op d'Lëtzebuenger Pompel unzelackelen, d'Loftqualitéit ze verbesseren a méi Gidder op den Zuch ze kréien.

Beim Diesel ass et awer an der Reegel esou zu Lëtzebuerg, datt bei enger Hausse gläichzäiteg de Brennes an den exoneréierte Fuel fir Secteure wéi d'Land- an d'Forstwirtschaft méi deier ginn. Fir e Secteur wéi d'Landwirtschaft, dee chronesch un der Grenz vun der Rentabilitéit schafft, ass dat verständlecherweis vu Bedeitung. Dëst betrëfft iwwregens och gläichermoossen d'Biolandwirtschaft, déi jo politesch staark ënnerstëtzt gëtt awer och op Maschinnen zrëckgräift.

Do derniewent ginn et am ländleche Raum nach vill Residenten, déi net u Gas- oder Fernwärmenetzer ugeschloss sinn a wou et fir de Masutt also keng gutt Alternative ginn, wann een net geplangt huet, gréisser Renovatiounsaarbechte virzegesinn, fir beispillsweis op Wärmtpompelen ëmzeklappen.

An deem Sënn wéilt ech den Här Energieminister Claude Turmes froen:

1. Well et der Regierung jo prioritär schéngt drëms ze goen, den Tanktourismus ze limitéieren an deemno net onbedéngt eis Residenten zousätzlech ze belaaften, kéint d'Regierung bei deene geplangte Präiserhéijungen net méi selektiv virgoen?

2. Kéint d'Regierung am Besonneschen de Brennes fir Masuttsheizungen an déi fossil Brennstoffer fir d'Agrikultur an d'Viticulture aus dëse Präiserhéijungen eraus huelen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten